# Newsletter

Energiekooperativ Kanton Réimech

**N° 07/2025**

## Assemblée Générale 2024




De 20.05.2025 hate mer eis 2. Assemblée Générale 2024.
Ofgehale gouf dës am Bierger- a Kulturhaus zu Munneref.

E grousse Merci un all Kooperateuren déi op eiser Assemblée Générale present waren.

Iwerbléck:

Hei e kuerzen Iwwerbléck fir all déi aner, déi net konnten dobäi sinn. No der Begréissung duerch de President huet eise Sekretär Daniel Schmit en detailléierte Bericht vum Geschäftsjoer 24 mat enger Prise Humor virgedroen. D'Finanzen si vum Tresorier Gérard Willems presentéiert ginn an déi 2 Keeserevisore konnten eng impeccabel Comptabilitéit bestätegen.






Eis 2 Anlagen hunn eng gutt Leeschtung a mir schaffen dru fir de Stroum direkt un d'Gemeng kënnen ze verkafen an esou de Rendement fir eis Kooperativ ze erhéijen. Stéchwuert e-community.



Mat Freed konnt am Bilan fir 2025 eis 3. Anlag ugekënnegt ginn. Den Devis mat der Firma Frabros vu Réimech ass ënnerschriwwe ginn, esou dat eng PV-Anlag vun 28,8 kwp op de Centre des visites installéiert ka ginn. Weider Detailer komme geschwënn no.

---

Wann de Rapport vun der Assemblée Générale 2024 fäerdeg ass fannt dir en op eisem Internetsite
oder einfach hei ënnen drop klicken

Rapport AG



Rapport vun der 1. Generalversammlung 2022-2023 (art.31 procès verbal) um 19:00 am Bierger a Kulturhaus zu Mondorf, de 26. Juni 2024

RCS 24521520

*Ordre du jour / Dagesuerdnung*

1. Ouverture de l'assemblée générale - Begréissung
2. Constat du quorum présent et représenté - Feststelle vum Quorum
3. Rapport général du Conseil d'administration - Bericht vum Verwaltungsrot
4. Présentation du bilan et du compte pertes et profits de l'année 2023 - Bericht vum Tresorier
5. Rapport du commissaire aux comptes externe - Bericht vum Keeserevisor
6. Affectation des résultats, Réserve légale - Affektatioun Resultater & Réserve légale



Generalkoordinator: Gérard Willems (Schengen); Vizepresident/Administrateur: Bruno Renders (Lenneng); VR-Sekretär: Daniel Schmit (Bous); technesche Beroder: J-P Schengen (Réimech); technesche Beroder: Luc Mangen (Duelem); Internet/facebook: Sven Flammang (Munneref).

Fir nobaussen hi Vertrauen an Kooperativ ze ënnersträichen hunn déi 8 Membere vum VR sech och direkt mam Kaf vu Parten engagéiert. Statute sinn ausgeschafft ginn, an Sich no potentiellen Daachprojeten ass gestart ginn. Zesumme mat der Gemeng Munneref ass den 1. Projet um Boulodrome ugepaakt ginn. D'Aweiung war den 1. August 2023. Eng éischt Informatiounsversammlung war den 8. Februar 2023 zu Munneref, wou ca. 140 Leit uwiesend waren.

Am Ganzen ass de VR fir 13 Versammlungen zesumme koum . Fir EKR an de Gemenge bekannt ze maachen, a fir déi potentiell Daachflächen/Projeten erauszefannen, waren och Réunioune mat de Gemengeresponsabelen aus dem Kanton Réimech.

Fir de Kontakt mat eise Memberen ze halen, ass eis Internetsäit «www.EKR.lu» ageriicht ginn. Mat aktuell 10 Newsletter informéiere mer ca. 130 Abonnenten.

---

Gib deinen Text hier ein. Bearbeite diesen Bereich, um dynamische Werte wie Namen, E-Mail-Adressen und mehr hinzuzufügen.

---





**Projet Boulodorm**

säit dem 16.08.2023

insgesamt **47,16 MWh**

produzéiert

(Stand 04.06.2025)

Aktuell Stroum Produktioun

**Projet Munnerefer Schoul**

säit dem 11.11.2024

insgesamt **34,57 MWh**

produzéiert

(Stand 04.06.2025)

Aktuell Stroum Produktioun

---

Bis dohin bleift gesond a monter,

**D'Équipe aus dem CA vun der EKR**

---

Energiekooperativ
Kanton Remich 1, Place
des Villes Jumelées
L-5627 Mondorf-les-bains

D'EKR ass och op

ekr.lu